Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

1.5.2015 Nee beim Referendum vum 7. Juni

01 **May** *2015*

(comments: 0)

Mir sinn elo 100 Joer laang gutt gefuer mat ganz villen Immigranten aus Polen, Italien, Portugal an villen aneren Länner an och wann et mol Schwieregkeeten gouf oder gëtt, déi vill Immigranten an hir Kanner hunn sech letztendlech gutt integréiert, an stellt iech mol fir: Alles dat war méiglech …. OUNI AUSLÄNNERWAHLRECHT.

De ganzen Artikel: https://www.wort.lu/…/briefe-an-die-redaktion-mir-sinn-elo-…

Bestellt weiderhin bei eis Autocollanten an Flyer per Mail (kontakt@nee2015.lu)

Read more … 1.5.2015 Nee beim Referendum vum 7. Juni

30.4.2015 Konferenz iwwert d'Auslännerwahlrecht mat nee2015

30 **Apr** *2015*

(comments: 0)

Kommt haut, um 19:00, an d'Stad an den Cercle Cité.
Mir wäerten während 15 Minutten de Standpunkt vum Nee zum Auslännerwahlrecht vertrieden.

Duerno ass nach Débat wou d'Leit aus dem Publikum kënnen Froen stellen.

Grousse Merci un d'Stad Lëtzebuerg fir d'Invitatioun.

Méi Informatiounen fënnt een hei.

Read more … 30.4.2015 Konferenz iwwert d'Auslännerwahlrecht mat nee2015

29.4.2015 Keen fairen Informatiounsowend zu Stroossen

29 **Apr** *2015*

(comments: 0)

Kommt haut um 19:30 an de Centre Barblé zu Stroossen fir de Nee!

Déi Stroossener Gemeng huet refuséiert dem Nee déi selwecht Chancen ze ginn, wéi zu Esch an zu Kolmer-Bierg. De Nee dierf do keng Presentatioun maachen.

Trotz eisen villen Ufroen iwwer Mail an Telefon kruten mir ni eng Äntwert vun der Gemeng Stroossen. D'Gemeng Mamer huet eis dogéint den Accord ginn, awer drop verwisen dass d'Décisioun bei der Stroossener Gemeng läit.

Mir froen eis: Firwat huet de Schäfferot ronderëm de Buergermeeschter Gaston Greiveldinger eis ni eng Äntwert ginn?

De Nee2015 ass trotzdem do. Kommt op Stroossen a sot är Meenung!

Gëschter zu Betzder war och scho keen demokrateschen, equilibréierten Debat.

Eng Majoritéit seet Nee zum Auslännerwahlrecht. Mir sinn absolut onparteiesch. Mir sinn déi politesch Mëtt.

Hei ass de Flyer vum Informatiounsowend.

Read more … 29.4.2015 Keen fairen Informatiounsowend zu Stroossen

27.4.2015 Just de Jo dierf op d'"Informatiounsversammlung" vun der Gemeng Betzder

28 **Apr** *2015*

(comments: 0)

Déi Betzder Gemeng huet refuséiert dem Nee déi selwecht Chancen ze ginn, wéi zu Esch an zu Kolmer-Bierg.

Kommt op Rued/Syr um 19:30 a sot är Meenung.

Eng Majoritéit seet nee zum Auslännerwahlrecht.

Mir sinn absolut onparteiesch. Mir sinn déi politesch Mett.

Muer zu Stroossen si mir och NET invitéiert

En Donneschden, den 30. Abrëll si mer an der Stad op der Informatiounsversammlung am cité cercle invitéiert um 19:30

Hei as de Flyer vun der Versammlung

Read more … 27.4.2015 Just de Jo dierf op d'"Informatiounsversammlung" vun der Gemeng Betzder

26.4.2015 Nee zum Auslännerwahlrecht. Firwat?

26 **Apr** *2015*

Op eisem neien Flyer gëtt et en kuerzen Iwwerbléck vun de Grënn fir de Nee.

Read more … 26.4.2015 Nee zum Auslännerwahlrecht. Firwat?